N°1004
Entrée le 15.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.07.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Esou wéi déi lescht Deeg an der Presse ze liese war, huet d'Pensiounskeess (CNAP) d'lescht Joer Pensiounen a ronn 116 Länner iwwerwisen, de gréissten Deel dovunner an aner EU-Länner.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Minister fir sozial Sécherheet gär dës Froe stellen:

1) Wéi vill Bankfraise fale pro Iwwerweisung vun enger Pensioun/Mount ënnerhalb vum Lëtzebuerger Land un? Wéi héich waren d'Gesamtkäschten?
2) Wéi vill Bankfraise fale pro Iwwerweisung vun enger Pensioun/Mount an aner EU-Länner un? Wéi héich waren d'Gesamtkäschte fir d'Iwwerweisungen an aner EU-Länner? Falls et Ënnerscheeder tëschent den eenzele Memberstaate gëtt, kann d'Madamm Minister dann eng Tabell presentéieren, déi d'Käschte pro Transaktioun pro Land, souwéi de jeeweilege Gesamtmontant regruppéiert?
3) Wéi vill Bankfraise fale pro Iwwerweisung vun enger Pensioun/Mount an Drëttlänner un? Wéi héich waren d'Gesamtkäschte fir d'Iwwerweisung an Drëttlänner? Falls et Ënnerscheeder tëschent de Partnerstate gëtt, kann d'Madamm Minister dann eng Tabell presentéieren, déi d'Käschte pro Transaktioun pro Land, souwéi de jeeweilege Gesamtmontant regruppéiert?
4) Ginn déi zousätzlech Bankfraise fir d'Iwwerweisungen an d'EU-Ausland souwéi Drëttlänner zu Laaschte vun den Empfänger oder vun der Pensiounskeess?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert

N°1004
Entrée le 02.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1004 vum 15. Juli 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos**

*Wéi vill Bankfraise fale pro Iwwerweisung vun enger Pensioun/Mount ënnerhalb vum Lëtzebuerger Land un? Wéi héich waren d'Gesamtkäschten?*

Fir Iwwerweisungen zu Lëtzebuerg, muss d'Pensiounskeess (CNAP) nëmme Bankfraise bezuelen, wann de Konto vum Pensionaire op enger aner Bank ass wéi der CNAP hier Bankkontoen. Esou Viremente kaschten 20 Cents pro Transfert. Am Mount Juni huet d'CNAP 7.842 esou Transferte betätegt.

*Wéi vill Bankfraise fale pro Iwwerweisung vun enger Pensioun/Mount an aner EU-Länner un? Wéi héich waren d'Gesamtkäschte fir d'Iwwerweisungen an aner EU-Länner? Falls et Ënnerscheeder tëschent den eenzele Memberstaate gëtt, kann d'Madamm Minister dann eng Tabell presentéieren, déi d'Käschte pro Transaktioun pro Land, souwéi de jeeweilege Gesamtmontant regruppéiert?*

*Wéi vill Bankfraise fale pro Iwwerweisung vun enger Pensioun/Mount an Drëttlänner un? Wéi héich waren d'Gesamtkäschte fir d'Iwwerweisung an Drëttlänner? Falls et Ënnerscheeder tëschent de Partnerstate gëtt, kann d'Madamm Minister dann eng Tabell presentéieren, déi d'Käschte pro Transaktioun pro Land, souwéi de jeeweilege Gesamtmontant regruppéiert?*

Viremente an d'Ausland gi vun der CNAP iwwert zwou Banken, d'Spuerkeess an d'Citibank, getätegt. D'Spuerkeess berechent fir SEPA-Viremente 25 Cents pro Transfert, wougéint d'Citibank 20 Cents den Transfert berechent, onofhängeg ob et sech em een SEPA oder net-SEPA Virement handelt, also och an Drëtt-Länner ausbezuelt gëtt. Bei net-SEPA Viremente op Konten mat enger IBAN-Struktur berechent d'Spuerkeess awer 10 Euro pro Transfert, wougéint aner Konten just Chargen fir den Bénéficiaire verursaachen.

D'Gesamtkäschte fir 94.883 esou international Transferten hunn sech am Juni 2024 op 25.666,10 Euro fir d'CNAP belaf.

*<u>Ginn déi zousätzlech Bankfraise fir d'Iwwerweisungen an d'EU-Ausland souwéi Drëttlänner zu Laaschte vun den Empfänger oder vun der Pensiounskeess?</u>*

Di uewe genannte Käschte gi vun der Pensiounskeess gedroen. Eventuell zousätzlech Käschten, notamment duerch weider Tëschebanken, sinn der CNAP onbekannt.

Lëtzebuerg, den 1. August 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet
(s.) Martine Deprez